

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, de 17. November 2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dréngend parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister weiderzeleeden.

Vum 19. November bis den 20. Dezember huet all walberechtegte Lëtzebuenger Bierger d'Méiglechkeet sech bei senger Gemeng anzedroen, fir e Referendum iwwert déi nei Verfassung unzefroen. Formell handelt et sech hei awer nëmmen ëm d'Ënnerschrëft, fir iwwert den éischte vu véier Texter ofzestëmmen. Fir de Fall, datt d'Bierger gären iwwert déi integral nei Verfassung wëllen ofstëmmen, missten si nom aktuelle Stand, duerno nach insgesamt dräi Mol fir déi aner eenzel Kapitelen ënnerschreiwe goen.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Staatsminister gär dës dréngend Fro stellen:

- 1) Kéint den Här Staatsminister sech virstellen, een eenzege Referendum iwwert déi véier Texter ofzehalen, fir de Fall, datt déi 25.000 Ënnerschrëfte bis den 20. Dezember bei en ee kommen, och, fir all Bedeelegtem, eng onnéideg Widderhuelung vun de Prozeduren ze erspueren?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser
Deputéierten